Allgemeng Verkafskonditiounen

Esou bestellt Dir

Esou kommt Dir un eis!

Iwwer Internet: www.jako-o.lu

E-Mail: eu-kontakt(at)jako-o.com

Iwwer Telefon: Däitschland: +49 (95 64) 92 96 00 01
Méindes bis Samschdes: 8.00 bis 24.00 Auer (MEZ)
Sonndes si mir fir eis Familljen do!
- Am Internet si mir awer Dag an Nuecht fir Iech do!

Iwwer Fax: Däitschland: +49 (95 64) 92 96 75 00

Mat der Post:
JAKO-O GmbH
...Kindersachen mit Köpfchen
96475 Bad Rodach
Däitschland

Vergiesst w.e.g. Är Adress net!
(Mir kréien am Duerchschnëtt all Dag 10 Commanden ouni Adress!)

Grouss Artikelen an Artikele mam Numm drop

Grouss Artikelen oder Artikelen, déi vill Plaz brauchen, liwwere mir op Demande wann Dir d'Transportkäschten iwwerhuelt. Hei fannt Dir eng Lëscht mat esou Artikelen a mat den Transportkäschten, déi dofir ufalen.

D'Liwwerzäit fir Artikelen mam Numm ass méi laang a si kënnen net zréckginn oder ëmgetosch ginn.

Bestellung ouni Risiko!

Mir sinn esou iwwerzeegt vun der Qualitéit vun eise Produkter, dass mir all Artikelen (mat Ausnam vun Artikele mam Numm drop oder Kassetten, CDen a Software, déi net méi versigelt sinn) am Zäitraum vu 14 Deeg zréckhuelen.
Wann Dir eppes zréckschéckt, heescht dat allerdéngs, dass gewëssen Transporta Porto-Risikoen bestinn, well Dir d'Portokäschte fir zréckzeschécke selwer musst bezuelen!

De Kafvertrag gëllt, wa mir Är Bestellung duerch Liwwerung vun der Wuer oder duerch d'Matdeelung vun der Ausliwwerung unhuelen. De Vertragstext gëtt bei eis net gespäichert a kann no Ofschloss vun der Bestellung am Internet net méi opgeruff

ginn. Dir kënnt d'Donnéeë vun Ärer Bestellung awer direkt nom Ofschécken ausdrécken.

Esou liwwere mir

Portokäschten a Verpakong:

Fir d'Portokäschten a fir eng zolidd Verpakong berechne mir Iech déi folgend Forfaiten:
7,50 EUR fir d'Belsch, Frankräich, Italien, Dänemark, Groussbritannien, Lëtzebuerg.
12,50 EUR fir Finnland, Griicheland, Irland, Portugal, Schweden, Spuenien, Estland, Lettland, Litauen, Polen, Slowakei, Slowenien, Tschechien, Ungarn, Rumänien, Bulgarien.
An ärem Land kënnt Dir de Pak un all Wonschadress schécke loossen. Fir Liwwerungen op d'Balearen musse mir iech en extra Insel-Portozouschlag vu 5,- EUR berechnen. Op d'Kanaresch Inselen, Malta an Zypern liwwere mir net.

Als Pak

spéitstens an 2 Woche mam Versand verschéckt, wann all Artikelen am Lager sinn.

Grouss Artikelen oder Artikelen, déi vill Plaz brauchen

liwwere mir op Demande wann Dir d'Transportkäschten iwwerhuelt. Hei fannt Dir eng Lëscht mat esou Artikelen a mat den Transportkäschten, déi dofir ufalen.

D'Liwwerzäit fir Artikelen mam Numm ass méi laang a si kënnen net zréckginn oder ëmgetosch ginn.

Fir Chrëschtdag, Ouschteren, Feierdeeg an an der Vakanzenzäit kann et och emol méi laang daueren. Bestellt also w.e.g. mat Zäiten.

Recht, d'Wuer zréck ze ginn

Dir kënnt Är Bestellung bis spéitstens 2 Wochen, nodeems Dir d'Wuer kritt hutt, zréckginn, ouni dass Dir dofir Grënn musst uginn an ouni Käschten oder Risikoe fir Iech. Dat gëllt allerdéngs net fir Kassetten, CDen an CD-ROMen, déi net méi versigelt sinn an net fir Artikele mam Numm drop, déi extra fir Iech gemaach gi sinn.

Den Délai respektéiert Dir wann Dir d'Wuer mat Zäiten zréckschéckt.

Fir d'Wuer zréckzeschécke muss Dir onbedéngt d'Portokäschte bezuelen! Wann et sech em e Garantiefall handelt, rembourséiere mir Iech d'Portokäschte wann Dir e Beleeg virleet.

Schéckt d'Artikele w.e.g. un déi heiten Adress zréck:

JAKO-O GmbH
Geschäftsführender Gesellschafter: Klaus Habermaaß
Geschäftsführer: Harald Grosch
Werner-von-Siemens-Str. 23
96476 Bad Rodach
GERMANY

Ust.ID-Nr. DE 811 270 797
Amtsgericht Coburg HRB 1339

Wann et net méiglech ass, d'Wuer mat der Post zréckzeschécken, da kënnt Dir eis an dem genannten Délai och schréftlech matdeelen, dass Dir gären eppes géingt zréckginn.

Natierlech interesséiert et eis, firwat Dir d'Artikelen zréckschéckt. Dofir **kënnt** Dir eis op dem Coupon fir d'Wuer zréckzeschécken Är Grënn uginn.

D'obligatoresch Garantie ass 2 Joer

Esou bezuelt Dir

Mat Kreditkaart:

Mir acceptéieren déi heite Kreditkaarten: EuroCard a Visa. De Rechnungsbetrag gëtt natierlech eréischt da vun Ärer Kaart ofgebucht, wann déi gewënschte Produkter verschéckt ginn. D'Nummer vun Ärer Kreditkaart bleift nëmmen esou laang gespäichert, wéi mir eis ëm Är Commande këmmeren. Nodeems Är Commande verschéckt ginn ass, gëtt d'Nummer vun Ärer Kreditkaart nees geläscht. Dofir musst Dir d'Nummer vun Ärer Kreditkaart bei all Bestellung erëm nei uginn.

D'Sëcherheet vun Äre perséinlechen Donnéeën ass fir eis ganz wichteg! Dofir benotze mir d'Verschlësselongs- a Sëcherheetssoftware SSL. Mat dem Verfahre ginn Är Donnéeën wéi Ären Numm, Adress, d'Nummer vun Ärer Kreditkaart asw. verschlësselt a sëcher am Internet iwwerdroen.
Nëmmen eise JAKO-O Server kann Är Donnéeën nees entschlësselen. Während Är Donnéeën iwwerdroe ginn, kënnen net autoriséiert Persounen, déi versichen, un Är Donnéeën ze kommen, Är Informatiounen net liesen!

Wann Dir Wuer zréckgitt, schreiwe mir dës Zomm op Ärem Kreditkaart-Compte gutt.

Duerch Iwwerweisung ier Dir d'Wuer kritt:

Dir kënnt d'Rechnungszomm an Euro op ee vun deenen heite Compten iwwerweisen, ier Dir d'Wuer kritt. Gitt op der Iwwerweisung w.e.g. ëmmer Är Clientsnummer un.
Mir verschécken Är Wuer ëmmer eréischt dann, wann d'Rechnungszomm bei eis ukomm ass.

Däitsche Compte:
VR-Bank Coburg-Rennsteig eG
Bankcode: 783 600 00
N° Compte: 200 611 972
Swift: GENODEF1COS
IBAN: DE35 7836 0000 0200 6119 72

Lëtzebuergesche Compte:
Banque de Luxembourg
N° Compte: 1355899/001.003 (EUR)
Titulaire vum Compte: JAKO-O GmbH
Swift: BLUXLULL
IBAN: LU52 0081 3558 9900 1003

Franséische Compte:
CIC CA CLIENTELE ENTREPRISE EUROPE
Bankcode: 30087
N° Compte: 00043881801
Branch-Code: 33085
Clé: 06
BIC: CMCIFRPP
IBAN: FR76 3008 7330 8500 0438 8180 106

Italienesche Compte:
Cassa Centrale Raiffeisen
Conto: 23/00/50.236-7 JAKO-O MOEBEL GmbH
IBAN: IT 77 M 03493 11600 00230050 2367
Swift Code: RZSBIT2B

Hollännesche Compte:
COMMERZBANK Amsterdam N.V.
N° Compte: 63.70.32.764
Swift: COBANL2XXXX
IBAN: NL35 COBA 0637 0327 64

Belsche Compte:
COMMERZBANK
N° Compte: 1796 3043 1518
Swift: COBABEBXXXX
IBAN: BE50 1796 3043 1518

Wann Dir Wuer zréckgitt, décidéiert Dir op mir dës Zomm op Ärem Compte Client oder Ärem Bank-Compte guttschreiwen.

Soubal mir Är Sue kritt hunn oder mir d'Donnéeë vun Ärer Kreditkaart kennen, schécke mir Äre Pak fort.

Duerch e Prélèvement vun Ärem Compte:

Mir kënnen e Prélèvement nëmme vun däitsche Girocompten maachen – natierlech eréischt dann, wann déi vun Iech gewënschte Wuer fortgeschéckt ginn ass.

Wann de Prélèvement, deen Dir eis ugitt, net méiglech ass, berechent d'Bank eis eng Tax vun 3 EUR. Hutt w.e.g. Verständnes, dass mir Iech déi Tax musse berechnen.

Är Autorisatioun fir e Prélèvement vun Ärem Compte gëllt esou laang, wéi Dir se net schréftlech réckgängeg maacht.

D'Sëcherheet vun Äre perséinlechen Donnéeën ass fir eis ganz wichteg! Dofir benotze mir d'Verschlësselongs- a Sëcherheetssoftware SSL. Mat dem Verfahre ginn Är Donnéeë wéi Ären Numm, Adress, d'Nummer vun Ärer Kreditkaart asw. verschlësselt a sëcher am Internet iwwerdroen. Nëmmen eise JAKO-O Server kann Är Donnéeën nees entschlësselen. Während Är Donnéeën iwwerdroe ginn, kënnen net autoriséiert Persounen, déi versichen, un Är Donnéeën ze kommen, Är Informatiounen net liesen!

Wann Dir Wuer zréckgitt, décidéiert Dir op mir dës Zomm op Ärem Compte Client oder Ärem Bank-Compte guttschreiwen.

Präisser

Gëllen bis den 31.01.2012 gülteg ass.

All Präisser, déi elo gëllen, gëllen dann net méi.

All Impriméën (z.B. Bicher) sinn u bestëmmte Präisser gebonnen, dat heescht mir musse Präisser vu Verlager, déi méi deier gi sinn, weiderginn an duerfe keng Réductioune ginn.

An de Präisser ass d'TVA vun de jeeweilege Länner dran.

Iertemmer virbehalen!

Op eis qualitativ héichwäerteg Produkter gi mir keng Réductiounen oder Prozenter well mir eis Präisser fair kalkuléieren. Nëmmen esou kënne mir laangfristeg Qualitéit garantéieren.

Dat läit eis um Häerz

Eis Testcritèren

Mir testen eis Produkter alleguerte ganz genee mat eise Kanner. Nëmmen déi Artikelen, vun deene mir denken, dass si **sënnvoll sinn, laang halen a gutt fir d'Entwécklung vun de Kanner sinn**, hunn iwwerhaapt eng Chance, an eise Katalog ze kommen. Am Mëttelpunkt steet d'praktesch Uwennung am deegleche Liewen. Duerno kontrolléiere mir, ob den Hiersteller déi **gesetzlech Richtlinnen** anhält, sou dass gesondheetlech Risikoe limitéiert kënne ginn. Dat muss sinn!

De Katalog gëllt fir d'ganzt Joer

Net ëmmer kënne mir eng Offerte d'ganzt Joer ubidden. Dofir gëllt fir all Artikel: nëmmen sou laang mir en nach op Lager hunn! Wa mir Problemer mat der Liwwerung hunn, versiche mir, d'Artikelen duerch aner gläichwäerteger ze ersetzen. Dobäi kënne mir awer net verhënneren, dass d'Form, d'Faarf oder d'Presentatioun heiansdo e bëssen anescht sinn.

Sëcherheet vun den Donnéeën

Är perséinlech Donnéeë si bei eis sëcher!

Mir benotzen SSL als Verschlësselongs- a Sëcherungssoftware. All Är perséinlech Donnéeën (Numm, Adress, Nummer vun Ärer Kreditkaart, Bankcode, Nummer vun Ärem Compte asw.) gi verschlësselt a sëcher am Internet iwwerdroen.
Nëmmen eise JAKO-O Server kann Är Donnéeën nees entschlësselen. Während Är Donnéeën iwwerdroe ginn, kënnen net autoriséiert Persounen, déi versichen, un Är Donnéeën ze kommen, Är Informatiounen net liesen!

Schutz vun den Donnéeën

Är Donnéeë si bei eis geschützt. Fir dass mir Iech de Katalog schécken an Är Commande unhuele kënnen, ginn Är Donnéeën am Computer gespäichert.

Nëmme Firmen, deene mir dat erlabe, däerfen hir interessant Offerten un eis Clientë schécken. Natierlech gi mir Är E-Mail-Adress net weider!
Dir sidd net domat d'accord? Da braucht Dir eis dat nëmme kuerz ze schreiwen!

Eis Katalogen

Hutt w.e.g. Verständnes, dass mir engem Client, dee sech 1 Joer laang net bei eis gemellt huet, kee Katalog méi schécken. Op Demande schécke mir Iech awer selbstverständlech nees e Katalog.

Eisen Haaptkatalog kënnt am August/September eraus, de Summer-Extra-Katalog Enn Februar.

Vermësst Dir Artikelen (aus ale Katalogen), da frot eis einfach!